N°6932
Entrée le 03.11.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Äntwert vun der Finanzministesch op d'parlamentaresch Fro n° 6932 vum 30. September 2022 vum Här Deputéierten Sven Clement

Aus Informatiounen déi rezent vun der CSSF bei lëtzebuergeschen Retail-Banken gesammelt goufen, geet ervir, dass säit Akraafttrieden vum Gesetz vum 13. Juni 2017 iwwert Bankkonten, am Duerchschnëtt 22 Basiskonten pro Joer (iwwert d'Period 2018-2021) zu Lëtzebuerg opgemaach gi sinn. Bei dësen Konten handelt et sech ëm Basiskonten, wéi se am Artikel 27 vum virgenannten Gesetz definéiert sinn.

An der Moyennë ass 1 Demande pro Joer (2018-2021) fir d'Opmaachen vun engem Basiskonto refuséiert ginn. De Finanzministère huet kéng detailléiert Informatiounen iwwert Grënn fir dës Refusen. Allgemeng sief ugemierkt, dass méiglech Grënn fir eng Demande ze refuséieren an den Artikelen 23 an 24 vum Gesetz vum 13. Juni 2017 festgehalen sinn.

Lëtzebuerg, den 2. November 2022

D' Finanzministesch

(s.) Yuriko Backes